association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport vun der Entrevue mam Minister vun der Fonction publique vum 18. September 2019

Präsenzen
MFP: M. B. Gengler, M. M. Hansen, Mme Lorang, M. J.-P. Marc, M. R. Schlim
APESS: M. P. Beil, M. J.-M. Cima, M. G. Everling, M. P. Zeihen

1) Iwwerstonnen

Am Secondaire leeschten d'Enseignanten eng grouss Zuel vun Iwwerstonnen. Dat ass haaptsächlech op den ëmmer méi akuten Enseignantsmangel zréck ze féieren. Vun eise Kollege wësse mir, datt dës Situatioun oft zu chroneschem Stress an Iwwerbelaaschtung féiert. Ouni déi vill Iwwerstonnen wier de Secondairesschoulbetrib awer net oprecht z'erhalen. Dem Educatiounsministère, an dem Staat allgemeng, passt dat ganz gutt an de Krom well deen Modus operandi wesentlech méi bëlleg gëtt wéi nei Enseignanten anzestellen. Dat läit dorunner, datt eng Iwwerstonn, obschonns se genau de selwechten Aarbechtsopwand erfuerdert wéi eng "normal" Schoulstonn, nëmmen zu 36/52 bezuelt gëtt, mat der Begrënnung, an de Schoulvakanzen géife jo keng Iwwerstonnen gehale ginn. D'Tâche vum Enseignant gëtt awer net op d'Woch mä op d'Joer fest geluecht a bei enger normaler Schoulstonn ginn keng Vakanzen eraus gerechent, sou wéi dat jo an anere Beruffer och net de Fall ass.
Doriwwer eraus ginn och d'Koeffizienter, déi op "normal" Schoulstonnen ugewannt ginn fir dem Aarbechtsopwand ofhängeg vum Klasseniveau an der Schülerzuel Rechnung ze droen, net op Iwwerstonnen ugerechent. Ënnert dem Strëch bedeit dat, datt en Enseignant, dee bereet ass Iwwerstonnen ze maachen an domat de Schoulbetrib um Lafen ze halen, 30-50% manner dofir bezuelt gëtt! Dat ass an eisen An eng kloer Diskriminatioun vis-à-vis vun de Kollegen, déi keng Iwwerstonnen mussen halen an och vis-à-vis vun allen anere Beruffer, wou Iwwerstonnen normalerweis besser a net vill méi schlecht wéi "normal" Aarbechtsstonne bezuelt ginn.
Fir déi Zäit, déi en Enseignant krank geschriwwen ass, kritt hien just seng Tâche réglementaire bezuelt. D'Iwwerstonne ginn do eraus gerechent. Firwat, wann den Enseignant jo awer d'ganzt Joer déi Iwwerstonnen hält? Am Privatsecteur gëtt oft fir eng Iwwerstonn 40% méi wéi fir eng regulär Schaffstonn bezuelt, am Kollektivvertrag fir Salariés de l'État sinn et 50%. Do bleift och nach no de Steieren eppes iwwereg, wat leider bei eis kaum de Fall ass.
Et ass eng Diskriminatioun vis-à-vis vun den anere Staatsbeamten an am Widdersproch zum CET-Gesetz.

Wéi vill Iwwerstonnen genau geleescht ginn wësse mir net well den Educatiounsministère eis op Nofro matgedeelt huet, si géife keng Statistiken doriwwer féieren. Dofir hu mir gefrot, op d'Fonction publique eis do kéint weider hëllefen. Mir kruten als Äntwert, de Ministère vun der Fonction publique wéisst dat och net a wéi mir da kéinte behaapten et wieren der vill wa mer keng Zuelen hätten? Wourop mir geäntwert hunn, datt den Här Educatiounsminister, obschonns de MENJE keng Statistiken huet, eis matgedeelt hat, et géif dausende Leit betreffen a mir dat

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

dowéinst, an och op Grond vun dem Austausch mat de Kollegen an den Informatiounen vun den Direktiounen duerchaus behaapte kéinten.

Du krute mir gesot, de Verglach mam Privatsecteur wier net gutt, well de Staatsbeamten vill aner Avantagen hätt.
D'Remuneratioun vun den Iwwerstonnen, wéi iwwerhaapt all d'Punkten déi mir beschwat hunn, missten am Kader vun engem Gehälteraccord verhandelt ginn.
Dat wat mir mam Ministère vun der Fonction publique beschwat hunn ass dat, wat mir schonns säit bal 2 Joer ëmmer erëm mam Educatiounsministère beschwätzen. Mir erënneren dorunner, datt den Här Educatiounsminister eis de 16.5.18 confirméiert hat, datt de Problem berechtegt ass an an d'Hausaufgabebuch fir d'Koalitiounsverhandlungen vun de nächsten Regierungspartner gesat géif ginn. Reegelméisseg Iwwerstonnen misste besser bezuelt ginn an dat géif doudsécher an de Volet vun de Gehälterverhandlungen geschriwwen.
Gedoen huet sech an dësem Dossier an där ganzer Zäit eises Wëssens no näischt. Mir sinn der Meenung, datt déi aktuell Iwwerstonnesituatioun illegal ass a sech dringend ännere muss. Mir fuerderen, datt d'Iwwerstonnen op mannst d'selwecht bezuelt ginn wéi "normal" Schoulstonnen.

2) Karriär vum Professeur-candidat

Zur Zäit hunn 603 Enseignanten de Statut "Professeur-candidat" oder "Professeur-candidat sursitaire", d.h. si hunn den Examen concours, de Stage an de prakteschen Examen gemaach fir Professeur-candidat ze ginn. Si kruten wärend 18 Méint eng Decharge fir hiren Travail de candidature, hunn deen awer (nach) net gemaach. Haut brauch kee Stagiaire méi en TC ze maachen a kritt seng Karriär direkt. De Professeur-candidat huet dogéint weiderhin ferm Aboussen andeems e manner Punkten, keng Koeffizienter, keng duebel Echelonen no 3 an 10 Joer a keng Décharges d'ancienneté kritt.
D'Kandidaten mussen déi normal Karriär vum Enseignant kréien well se de Concours an de Stage gepackt hunn (e Schoulmeeschter muss och keen TC schreiwen fir seng Karriär ze kréien). An dat ass ëmsou méi wichteg mam neie Stage vun 2 resp. 1 Joer. D'Konditioune fir déi nei Professeren si vill méi favorabel ginn dofir mussen d'Kandidaten dat och kréien.
Den Här Minister huet eis direkt gesot, hien wéisst Bescheed a géif eis Reunioun zu deem Thema mam Här Educatiounsminister ofwaarden.
Et wier eng zwispälteg Saach, well eng Rei Professeren, déi den TC gemaach hätten, net begeeschtert vun der Iddi wieren, datt Kandidaten den TC quasi geschenkt kréie sollten. Mir hunn dorop geäntwert, datt et eng ganz Rei vu Grënn gëtt, firwat e Kandidat säin TC net ofgeschloss huet an datt dat net onbedéngt op Faulheet (wat kee behaapt huet) zréck ze féiere wier. Doriwwer eraus fuerdere mir jo och eng Opwäertung vun der Karriär E7 grad well den TC eng postuniversitär Aarbecht ass, fir déi den E7-Professer am Verglach zum A1-Professer net nëmmen net belount mä penaliséiert gëtt!

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

Den Här Minister huet drop opmierksam gemaach, datt den TC weder en Doktorat nach en Diplom ass an et en am Bolognaprozess guer net gëtt. Doriwwer eraus wier all Beruff schwéier, net nëmmen deen vum Enseignant. Et géif och guer keng Karriär Professeur-candidat ginn.

3) Karriär E7

Duerch den TC huet dem E7-Professer seng Karriär 18 Méint méi spéit ugefaangen an hie gëtt doduerch de facto dofir penaliséiert, am Verglach mam A1-Professer, eng postuniversitär Aarbecht fir den Héichschoulministère geleescht ze hunn.
Mir fuerderen 45 Punkte méi fir d'E7-Karriär. Den Här Minister fënnt dat enorm, den Ënnerscheed tëscht der A1- an A2-Karriär wiere just 30 Punkten. Mir hunn un den E7bis Grad erënnert, dee mir als minimal Kompensatioun fir den TC betruechten.

4) Formation continue

Wat d'Formation continue betrëfft hu mir eis Argumentatioun, déi mir dem MENJE am Mee (cf. https://apess.lu/pdf/Rapport%20Entrevue%20APESS-MENJE%2013_5_19.pdf) matgedeelt haten, widderholl. Den MFP ass der Meenung, datt een d'FC am Enseignement net ka mat der FC am Rescht vun der Fonction publique vergläichen well ee soss misst d'ganz Tâche zur Diskussioun stellen. Déi Siicht deele mir net. Du krute mir gesot, d'FC wier jo an engem Accord festgehale ginn deen mat de Gewerkschaften ausgehandelt gi wier. Dorop hu mir geäntwert, datt en Accord jo net fir déi nächst honnert Joer misst gëllen mä kéint duerch e neien ersat ginn.

Fir eis bleift kloer, datt et sech ëm eng Diskriminatioun vis-à-vis vun den anere Staatsbeamten handelt.

5) Aneres

- Wat d'voll Unerkennung vun der Beruffserfarung fir d'Bonifikatioun beim Nominatiounsechelon betrëfft gëtt grad e Projet an der Chamber deposéiert. Allerdéngs kënnt dat den aktuelle Beamten net zegutt, d.h. mir hunn hei eng weider Situatioun (nieft dem TC) wou d'Bedingungen just fir nei Fonctionnaire verbessert ginn. Mir stellen d'Legalitéit vun där Virgoensweis a Fro.
- Mir hu nogefrot, op déi -25% op de Kommissiounsaarbechten beim Staat géife réckgängeg gemaach ginn a krute gesot, dat wier net virgesinn.
- Et ass och net virgesinn, de reduzéierte Kilometertariff erëm vun 0,3 €/km op 0,4 €/km erop ze setzen.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426